



Bonjour, mir stellen äis als „Frëndeskrees Kamerun asbl“ vir:

Obwuel mir zënter méi wéi 10 Joer zesumme schaffen, och schons selwer am Cameroun op der Plaaz waren, sin mer eréischt zënter dem 1.10.2009 offiziell als **asbl** ageschriwen. Dat kënt doduerch, datt mer äis bis dohin emmer

mat der ONG „Bridderlech Deelen“ fir Projet'en am Cameroun agesat hun.

Weiderhin wäerte mer fir d'Fonktionnement vum „Centre d'Accueil de l'Espoir“ zu Yaoundé opkommen, e Finanzement fir äis all Joer vun circa 7.000.-€ un „Bridderlech Deelen“.

Wat äis als Asbl eleng betrefft, sin e puer Aktiounen zënter Oktober déi mer realiséiert hun:

- Eng Loterie mat Direktgewënn.
- Eis Neijoerswësch als Circulaire un äis Donateurs, wëll mir hun och schon lang en Krees vu Frënn (parrains), déi äis duerch „ordre permanent“ mat monatlech 40.-€ ennerstëtzen..

Den 23. November huet Mme Sophie Schaul vu Bridderlech Deelen äis mat Biller verzielt, wat et op senger Rees an de Kamerun an op Besuch am Centre d'Accueil de l'Espoir erlieft huet:

45 Kanner (25 Jongen an 20 Meedercher am Alter tëschent 6-14 Joer liewen de Moment am Centre. 46 Kanner, déi am Centre waren, gin weider an de Communautéiten betreit, wou se elo a Familjen liewen.

Besonesch Problemer, déi d'Weesekanner matbrennen, sin zum dacksten Schoulretard, se kennen net gudd franséisch (et muss een wëssen, datt et



Les orphelins bénéficient chaque jour au Centre de trois repas pour leur croissance adéquate.

am Kamerun nach 224 aner Sproochen gin), an d'Arbecht fir den Doud vun den Elteren ze verschaffen, ass och meeschtens nach net ofgeschloss, oder och nach net emol ugefangen gin.

Am Duerschnëtt bleiwen d'Kanner 3 Joer am Centre, ier se an eng virbereed Famill integréiert gin.

En Haptakommes besteet an dem Hierstellen vu Palmueleg, deem se am Centre zum Deel selwer benotzen, den Iwerschoss awer kënne verkaafen.

D'Sophie Schaul huet äis nach emol vun der Sr Mewoulou matdeelen gelooss, wéi frou si ass iwert eis Participatioun vum Projet mam Haptiwerschreft Photovoltaïque.

En 1.volet hu mir schons decidéiert: mat Solarenergie eng Waaserpompel ze bedriwen, en 2. Volet besteet dran, elektresch Aparater, wéi Frigo, Tiefkühler asw ze bedriwen. De Gesamtpräis fir déi 2 volets hu mir mat engem Deel vun eisem Erspuerten Bridderlech Deelen zougestemmt, fir datt si d'Zomm vun 27.686,96€ iwerweisen.

An der Tëschenzäit an op weider Ufro vun der Sr wäerte mer och deem leschte Volet iwerhuelen, fir 17.004€, woubäi Geliits an Multimedia iwert Solarenergie bedriwen gët.

- Doderniewent hu mer wéi schons déi lescht Joer emmer em Chrëschttag, en Don vun 1.000.-€ gemach un déi letzebuergersch Sr Scholtus, fir äis am Dispensaire Ste Marguerite zu Zoétéélé un de Medikamentskäschten ze bedeelegen.

Souweit fir elo dëse kuerzen aktuellen Bericht. Hei hannendrun dann nach e puer Fotoen, vun der Sr Mewoulou hirer Visite hei zu Letzebuerg am Joer 2008.



Arrivée um Findel



Audienz beim Här Erzbischof



Empfank bei der Grande Duchesse Maria Teresa am Palais



Journée de solidarité am Lycée Mathias Adam zu Péiteng

De Frëndeskrees Kamerun seet MERCI:

Kraus Léon, Arendt-Brosius Marie-Paule, Brosius Raymond, Demuth Nicole,  
Ludovicy André, Petry Brigitte, Roesgen Monique, Scholer Annette.